

#Chamberleaks

"Erschreckend, wéi einfach een un déi Donnéeë konnt kommen"

Fir de Chaos Computer Club Lëtzebuerg huet d'Chamber versot bei der Sécherung vun hiren eegenen Donnéeën.

Vun RTL



"Einfacht editéiere vu Web-Linken ass keng Hackergrëff. All Persoun, déi um Computer kann tippen, war dozou fäeg, un déi Donnéeën ze kommen!"

Esou schreift et de Chaos Computer Club an engem Communiqué a Saache Chamberleaks.

Et wier erschreckend wéi einfach a banal de Radio 100,7 an och aner Leit op sécherheitsrelevant Texter um Site vun der Chamber konnten zeréckgräifen, ebe just duerch d'Editéiere vu Web-Linken.

De Problem géif ënnert anerem och doranner bestoen, dass déi vertraulech Donnéeën iwwerhaapt op engem ëffentleche Server géife leien, an net op engem, dee just iwwert en internt Chamber-Netz accessibel wier.

De Chaos Computer Club, eng Associatioun vun Hacker, déi eleng an Europa iwwer 5.000 Memberen huet, fënnt dass d'Chamber hir Responsabilitéit misst iwwerhuelen, hir Feeler agestoen, an dorausser léieren.

En Exempel wëllen ze statuéieren an et zu engem juristesche Prozess kommen ze loossen, wier de falsche Wee.